N°1142
Entrée le 11.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet a vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n° 1142 vum 4. September 2024 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Taina Bofferding a vum honorabelen Deputéierten Här Mars Di Bartolomeo.**

*1. Wéi erklären d'Madamm Ministesch an den Här Minister, dass ëmmer manner Jonker sech schützen?*

Der Regierung leie keng wëssenschaftlech fundéiert Fakte vir déi esou e neit Verhale bei deene Jonken géifen erklären.

Am Joer 2022 war generell eng Baisse vum Gebrauch vu Verhütungsmëttel bei de Jonke vun 13 bis 18 Joer festzestellen am Verglach zu 2014. D'Ursaache vun dëser Baisse hänken oft vu verschiddene Facteuren of.

Et sief erwäänt datt säit 2022 en Internetsite fir déi Jonk zougänglech ass, wou et ausschliisslech ëm d'Verhütung geet an nëtzlech an adaptéiert Informatiounen an 4 Sproochen ugebuede ginn: https://macontraception.lu/.

*2. Deelt d'Regierung d'Aschätzung, dass et méi Géigewand géint d'Education sexuelle et affective gëtt?*

D'Regierung verfüügt net iwwer Elementer déi dëst kéinten ënnermaueren.

*3. Ginn d'Programmer an de Schoulen duer? Respektiv ass virgesinn se auszeweiden? Wäerten d'Recommandatioune vun der genannter WHO-Etüd dobäi consideréiert ginn?*

D'Schoulprogrammer gi vir, datt d'Schoul de Kanner an de Jonken eng breet sexuell an affektiv Bildung mat op de Wee gëtt, ugefaangen an den éischte Joren, wou et drëm geet, datt kleng Kanner hire Kierper kenne léieren, datt se verstinn, wat „Nähe" an Distanz bedeiten, wat gutt a schlecht Gefiller kënne sinn. Am Laf vun de Joren an der Grondschoul gëtt d'Kand opgekläert an ab dem Lycée gëtt, nieft der Verdéiwung vun de biologesche Froen, den Accent méi staark op Verhütung an och op sexuell Identitéit an Orientatioun geluecht.

Zanter September 2024 läit och den didaktesche Leitfaden „Sexuelle Bildung in der Grundschule" vir, deen d'Schoulen iwwert de Bon de commande vum MENJE bestelle kënnen.

Nieft der Éducation sexuelle et affective, déi duerch d'Programmer an der Schoul vermëttelt gëtt, steet zanter 2020 den nationale pädagogesche Guide „Let's talk about sex", deen ënnert der Leedung vum Gesondheetsministère an dem CESAS (Centre national de référence pour la promotion de la santé affective et sexuelle) entstanen ass, zur Verfügung. Dëse Guide ass spezifesch fir d'Acteuren aus der formaler an der non-formaler Bildung konzipéiert ginn a proposéiert engersäits dat néidegt Fachwëssen an anerersäits praktesch Aktivitéite souwéi déi dozou passend Formatiounen, déi iwwer den IFEN (Institut de formation de l'Éducation nationale) ugebuede ginn.

Am Joer 2023 huet den Educatiounsministère d'Informatiounscampagne „Meng Reegel – mäi Kierper" lancéiert, fir d'Thema vun der Menstruatioun ze détabouiséieren an d'Aféierung vu gratis Menstruatiounsartikelen an alle Lycéeën ze ënnerstëtzen an allen Acteuren déi néideg Informatiounen zur Verfügung ze stellen.

Am Kontext vum allgemenge Gratiszougang zu Verhütungsmëttel bis 30 Joer ginn de Schüler an alle Lycéeë Kondomautomaten zur Verfügung gestallt, wou si e gratis Zougang zu Kondomer an hirer Schoul hunn.

De Podcast „Méi wéi Sex", dee reegelméisseg Sendungen zu ënnerschiddlechen Theme ronderëm Sexualitéit a Bezéiungen erausbréngt, gëtt iwwert eng Konventioun mam Educatiounsministère finanzéiert a konnt an de leschte Joren iwwer 20.000 Jonker erreechen.

*4. Wéi eng Conclusioune goufen am Kader vum 10. Anniversaire vum PAN SAS festgehaalen?*

Am Kader vum 10. Anniversaire vum PAN SAS goufe virun allem d'Fortschrëtter festgehalen déi säit dem Lancement vum Plan national gemaach goufen, souwéi de positiven Impakt vun de Formatiounen a Sensibilisatiounskampagnen vum CESAS.

Fir den 10. Anniversaire gouf ganz bewosst d'Formule vun enger "Journée de réflexion" gewielt fir en Echange kënnen ze hunn iwwert dat wat am Beräich vun der santé affective et sexuelle schon erreecht ginn ass, mee och iwwert d'Défis'e vun der Zukunft. D'Akteure vum Terrain haten esou d'Méiglechkeet sech auszetauschen a Synergien ze schaaffen an hire jeweilege Beräicher.

*5. Wat ass den Inhalt vun der genannter Deklaratioun, déi ënnerschriwwe gouf?*

D'Deklaratioun ënnersträicht d'Wichtegkeet vun den Absichten géintiwwer de Bierger, Jonker an Erwuessener, an all hirer Diversitéit. Den Accès zu der Gesondheet an zu sexuelle Rechter gëtt als fundamentalt Recht ugesinn. D'Sensibilisatioun, d'Promotioun an d'Educatioun sinn essentiel fir d'Entwécklung, d'Gläichstellung vun de Geschlechter, d'Gläichberechtegung am Kampf géint Geschlechterstereotypen an d'Preventioun vu sexueller Gewalt.

D'Deklaratioun fënnt een ënner follgendem Link:

https://sante.public.lu/fr/actualites/2024/06/10-ans-plan-action-sante-affective-et-sexuelle.html

*6. Ass en neien PAN SAS an Ausaarbechtung?*

D'Aarbechte fir eng extern Evaluatioun vum PAN SAS ze preparéieren sinn am Moment amgaang.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

*7. Als eng vun den Aktiounen am aktuelle PAN SAS gouf eng Analyse régulière des actions selon l'évolution du PAN - SAS festgehalen. Sinn esou Analysen gemaach ginn? Wat ass dobäi erauskomm?*

Souwéi an der Äntwert op d'Fro 6 erkläert, sinn d'Aarbechte fir eng Evaluatioun vum PAN SAS aktuell amgaang.

*8. Ee vun den Objektiver vum PAN SAS ass d'"Promotion de la santé affective et sexuelle dans tous les établissements scolaires, éducatifs et d'accueil, mais aussi au sein des établissements médico-sociaux, sociaux et associatifs". Gouf dëst flächendeckend an altersgerecht ëmgesat?*

Eng wichteg Aktioun vum PAN SAS war d'Grënnung vum CESAS am Joer 2018, déi duerch eng gemeinsam Initiativ vu véier Ministèren, zoustänneg fir Gesondheet, Bildung, Kanner a Jugend, Famill a Chancëgläichheet, zustan komm ass. De CESAS spillt eng wichteg Roll an der Promotioun vun der affektiver an der sexueller Gesondheet an an der Entwécklung vu Methoden a Materialien, op déi déi verschidden Acteure kënnen zeréckgräifen.

D'Ëmsetzung vun der Promotioun vun der affektiver a sexueller Gesondheet ëmfaasst engersäits déi uewe beschriwwen Initiativen an anerersäits déi breetgefächert Thematiken, déi iwwer d'Schoulprogrammer am Enseignement fondamental an am Enseignement secondaire ugebuede ginn.

Lëtzebuerg, den 11. Oktober 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.)Martine Deprez